

ass et déi richteg Motioun, an do wollt ech soen, datt mir frou wieren, wann ënnert dem «invite le Gouvernement» nach en Tiret derbäikéim, mat deem eigentlech jiddferee misst d'accord sinn, wa mer dat hei esou nolauschteren, nämlech: «à réaliser dans les meilleurs délais l'élaboration du régime de l'individualisation des pensions», well ech mengen, wann ech och d'Majoritéits-parteien héieren hunn, soll dat jo eigentlech d'Zil sinn, a mir sollen dat an där dote Motioun och mat considérieren.

Duerfir, wa mer deen do Tiret nach kéinten derbäimaachen: «à réaliser dans les meilleurs délais l'élaboration du régime de l'individualisation des pensions», kéinte mir d'accord sinn. Wann ech mech net iren, steet och esou eppes an Ärem Koalitiounsaccord.

» M. le Président.- Wa mer den Historique vun där dote Problematik kennen, Madame Loschetter, da weess ech net, wat «les meilleurs délais» wëllt heeschen.

(Hilarité)

Mä trotzdem huet den Här Jaerling d'Wuert.

» M. Aly Jaerling (Indépendant).- Här President, domadder, dass op déi eng oder déi aner Aart a Weis en neit Scheedungsgesetz muss kommen, hunn ech kee Problem, mä mat deem, wat do drasteet, kënnt Der sécher sinn: Ech bestuede mech dann awer net méi!

(Hilarité, interruptions et coups de cloche de la Présidence)

» M. le Président.- Elo lauschtere mer emol dem Här Jaerling no.

» M. Aly Jaerling (Indépendant).- Wat awer elo d'Pensiounsrechter ubelaangt, do bleiwen ech awer bei menger Meinung a soen, also, ech hunn awer nach ni esou eppes Onsënneges héieren, wéi dee Splitting vun de Pensiounen! Dat schaaft jo awer méi soziale Misär, wéi dat elo de Fall ass.

An et kann dach einfach net sinn, dass elo hei versicht gëtt, eng Mindestpensioun och nach ze splitten. Wat maache mer dann? Da bezitt de Stat awer, an da kréien d'Leit allen zwee den RMG, ma da soen ech, da gitt hinnen einfach jiddferengem d'Mindestpensioun, dann hu se vollt Urecht drop an dann ass dat an der Rei.

An dat anert ass: Laangfristeg gesinn - dat hunn ech och scho gesot - solle mer op de System higoe wéi bei de Krankekeesen. Mir sollen och Mann a Fra iwwert de Bäitrag of-séchere während där Zäit wou se zesummeliwen, dann hu mer deen anere Problem och aus der Welt geschaaft.

Awer dat, wat hei erëm verlaangt gëtt, also, ech kann lech just nëmme soen, ech free mech, a wat fir enge Käpp dat do gebuer ass, mä op jidde Fall maachen ech dat do net mat.

(Hilarité)

» M. le Président.- Madame Err, d'Madame Loschetter proposéiert hei Modifikatiounen un Ärer Motioun. Gelift?

» Mme Lydie Err (LSAP).- Ech hunn dat héieren, Här President, an hu kee Problem domadder, well ech gesinn, an dat hunn ech jo och virdrun op der Tribün gesot, dass de Splitting am Fong eng Manéier ass fir ze üben, wéi d'Individualisatioun op anere Plazen och kéint ausgesinn.

» Une voix.- So, si sollen eppes an de Considéranté maachen.

» M. le Président.- Freet nach soss een d'Wuert?

(Interruptions)

Den Dispositiv do huet natierlech net direkt e Bezug zu dem Exposé des motifs vun där Motioun. Et hänkt esou e bësselchen an der Loft, mä bon...

» Une voix.- Huelt se nach eng Kéier an eng Kommissioun.

» Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG).- Also ech denken, Här President, et geet awer, dat als leschten Tiret ze huelen. Mir sinn eis jo eens, datt d'Individualisatioun jo d'Zil soll sinn, a wa mer hei, egal aus wat fir engem Grund, an enger éischter Phas de Splitting usteieren, da si

mer eis jo awer eens, datt d'Zil d'Individualisatioun ass. Duerfir denken ech kann een dat derbäischreiwen.

» M. le Président.- Ech mengen, et ass aus der Diskussioun erausgaangen, dass jiddfereen dat wëllt. Mä dës Motioun, Madame Err, wann ech dat dærf soen, déi dréint ëm den Divorce an ëm dat wat mer am Kader vun dem Projet Divorce respektiv dem Splitting am Kader vun den Divorcë wëlle maachen. Ech weess net, ob dat esou extrem gutt derbäigehéiert.

Obschonns, Madame Loschetter, Dir misst jo awer d'Satisfaktioun hunn, dass jo all Mënsch heibanne sech fir dat ausgesprach huet, wat Dir gesot hutt, nämlech d'Individualisatioun vun de Rechter. Et hänkt esou e wéineg hei an der Loft. Dat ass e bësse meng Suerg, well dat hei eng Motioun ass, déi mir aussergewéinlech gutt gefält, well et eben déi Problematik ëmräisst, déi mer zënter Joren amgaange sinn ze diskutéieren a mat där mer hoffen, am Hierscht endlech weiderzekommen.

Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

» M. Aly Jaerling (Indépendant).- Här President, ech wëll awer elo emol hei kloerstellen, dass dat, wat mat de Renten ze dinn huet - wat eng Sozialmesure ass -, iwwerhaapt näischt mam Divorce ze dinn huet. Am Divorce gëtt just kloergestallt, wat een deem aneren ze ginn huet. Dat huet absolut näischt mat de Renten ze dinn. Dat gehéiert net dodran. D'office gehéiert dat net dodran. Dat ass e sozialtechnesche Problem an dee muss do geléist ginn.

Et kann dach net sinn, dass elo an engem Divorce kloergemaach gëtt, dass een deem anere seng Rent hallef kritt. Wou si mer dann do?

Also, loosst déi Saachen do, wou se higehéieren!

Den Divorce ass eng Saach. Et ass scho schlëmm genuch, dass d'Scholdfro erausgeholl gëtt an dass déi aarm Männer net méi kënne beweisen, dass se keng Schold hunn,...

(Hilarité)

...an elo wëlle mer dann och nach aner Saachen. Also, ech soen dat hei: Loosst déi zwou Saache getrennt! De Renteproblem ass e Problem fir an d'Sozialversécherung an den Divorce ass e juristesche Problem an esou soll dat och bleiwen.

» M. le Président.- Här Jaerling, et steet mir leider net zou, mat lech doriwwer ze diskutéieren, duerfir iwwerloossen ech dat der Madame Err. Madame Err, Dir hutt d'Wuert.

» Mme Lydie Err (LSAP).- Also, ech fäerte just, Här President, dass déi Diskussioun, déi den Här Jaerling hei uschneit, den Zäitkader sprengt, deen néideg wier, fir dat nach eng Kéier ze erklären. Ech sinn däärs och eigentlech midd; ech erklären dat zënter 25 Joer op x Plazen. Ech kommen awer gären eng Kéier an engem anere Kontext dorobber zrëck.

Mä just fir op d'Propositioun vum Amendement vun der Motioun ze kommen: Ech hunn näischt dergéint, mä eigentlech hutt Dir net Onrecht. De Fait, dass an den Développementer näischt steet iwwert d'Individualisatioun a well dat heiten am Fong am Zesummenhang wierklech mam Divorce ass, ass et e bësselche schwiereg. Et fléisst net, well do si jo haaptsächlech och Steiere gemengt an aner Prestatiounen, déi net am Kader vum Divorce viséiert sinn.

Firwat? Ma ech sinn op engem Punkt mam Här Jaerling d'accord, dass de Splitting net direkt eppes mam Divorce ze dinn huet. Mä vu dass mer wëllen übe mat der Individualisatioun,...

(Hilarité)

...de Splitting nëmmen am Kader vum Divorce, ass et scho ganz kloer, dass do e Lien ass. Leider gëtt et dee Lien net wat Steieren oder Ähnlech es ubelaangt. Dofir misst ee vläicht bei enger anerer Geleeënheet eng generell Motioun proposéieren iwwert d'Individualisatioun.

» M. le Président.- Très bien. Also bleiwe mer emol beim Text, deen d'Madame Err eis proposéiert huet.

Vote

Wie mat där Motioun d'accord ass, ass gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen!

Voilà. Ech gesinn, dass eng écrasant Majoritéit vun der Chamber d'accord ass mat där Motioun.

Mir géifen dofir d'Madame Minister Jacobs bieten, déi zoustänneg Ministeren, den Här Frieden an den Här Di Bartolomeo, ze informéieren, dass d'Chamber dës Motioun eestëmmeg ugeholl huet an dass et hire Wonsch ass, dass d'Regierung esou

schnell wéi méiglech soll op deem Dossier weiderfueren.

Dir Dammen an Dir Hären, domat ass d'Interpellatioun vum honorabelen Här Meisch definitiv ofgeschloss.

Mir kommen zum Projet de loi vun eisem Ordre du jour vun haut, de Bau vun engem neie Friddensgeriicht zu Esch. Mir hu bis elo folgend Aschreiwungen: den Här Bettel, d'Madame Mutsch, d'Madame Loschetter, den Här Gibéryen an den Här Jaerling. D'Wuert huet d'Madame Sylvie Andrich-Duval, Rapporteuse vun dësem Projet.

3. 5676 - Projet de loi relatif à la construction d'un nouvel Hôtel de la Justice de Paix à Esch-sur-Alzette

Rapport de la Commission des Travaux publics

» Mme Sylvie Andrich-Duval (CSV), rapporteuse.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no där interessanter lieweger Debatt hei iwwert d'Familljepolitik komme mer dann e bëssen zu méi enger dréchener Matière, well beim virleiende Gesetzesprojet gëtt d'Regierung autoriséiert fir en neit Friddensgeriicht zu Esch ze bauen. E Bau, deem seng absolut Noutwendegkeet an Urgence een nëmme kann ënnersträichen an op deen also elo scho vu muncher Säit sehnäichlech gewaart gëtt. E Bau, deen awer och ouni Zweifel fir d'Entwécklung vun der Stad Esch eng bedeitend Opwäertung duerstellt.

De Projet de loi 5676 ass vum Bauteminister Claude Wiseler de 6. Februar 2007 hei an der Chamber déposéiert ginn. De Projet war motivéiert an et louche Pläng, en Devis souwéi eng Finanzfiche bäi. Vum Dépôt vum Projet de loi un ass nun de Schnellgang ageluecht ginn. Esou huet de Statsrot säin Avis de 24. Abrëll 2007 ofginn an an der Baukommissioun vum 7. Mee gouf ech dann als Rapporteuse genannt. An där nächster Sitzung vum 21. Mee sinn de Gesetzestext an den Avis vun där héijer Kierperschaft analyséiert ginn. Duerno konnt de schrëfftleche Rapport an der Sitzung vum 7. Juni ugeholl ginn.

Firwat ass de Bau vun engem neie Friddensgeriicht iwwerhaapt néideg?

Duerfir musse mer e Bléck op d'Evolution vum de Besoiné vum Friddensgeriicht geheien. Laut dem Gesetz vum 12. Abrëll 1972 iwwert d'Reorganisatioun vum de Friddensgerichter ass de Stat zoustänneg fir d'Lokaler vun de Friddensgerichter an der Stad, zu Esch an zu Dikrech zur Verfügung ze stellen. Dat heescht, dass e funktionell Gebai soll gebaut ginn, dat den Exigence vun enger moderner an zougänglecher Justiz entsprécht. Eng Justiz, déi déi legal unerkannte Rechter vu jiddferengem wëllt garantéieren.

D'Décisioun vum Bau vun engem neie Friddensgeriicht zu Esch berout op de festgestalltene Besoinen un Infrastrukturen, déi onbedéngt esou séier wéi méiglech un eis heiteg Zäit mussen ugepasst ginn.

Mir stellen effektiv fest, dass dat aktuell Gebai op der Place de la Résistance zu Esch aus dem Joer 1956 datéiert an net nëmmen deenen elementare Sécherheetsnormen net méi entsprécht, mä och einfach mat der Zäit ze kleng gouf. Trotz deene verschiddenen internen Emännerungen, déi an all deene Jore virgeholl goufen.

Dat initiaalt Gebai war virgesi fir zwee Friddensrichter an dräi Greffieren. No-deems awer de Kompetenzberäich vun de Friddensgerichter duerch d'Gesetz vum 11. August 1993 ausgeweit ginn ass, sinn d'Effektiver op sechs Friddensrichter, siwe Greffieren an dräi Employéë geklommen, fir haut schlussendlech bei zéng Magistraten, eelef Fonctionnaires an aacht Employéen ze leien.

Dowéinst war de Stat souguer forcéiert, fir vun Dezember 2003 un dräi Stäck an engem Residenzgebai an der Noperschaft ze lounen, fir d'Friddensrichter do ënnerzebréngen, wougéint awer d'Fonctionnaires an d'Employéen am ale Gebai bliwwen sinn. Et läit op der Hand, dass doduerch eng ganz Rei organisatiounell Problemer entstanen sinn, déi dem Fonctionnement vun enger moderner Justiz net méi würdeg sinn.

Och fir d'Zukunft gesäit et esou aus, dass d'Zuel vun den Affäre virum Friddensgeriicht nach weider wäert klammen, duerch den Ausbau vun den Industriebroochen zu Belval, nom Motto: „méi Awunner, méi Entreprises, méi Affären“.

Esou ass d'Demande vum Justizminister, fir déi néideg Plaz anzeplange fir 15 Friddens-

richter mat deem néidege Personal an deenen néidegen Audienz- an Enquêtësäll absolut realistesch.

Zur gläicher Zäit plangt de Parquet général nach fir d'Servicer vum SCAS, also dem Service Central d'Assistance Sociale, regional auszebauen. Weider sollen och d'Raimlechkeete virgesi si fir de Centre de médiation an de Service d'accueil vum Barreau.

Esou geet déi prinzipiell Décisioun vum Bau vun engem neie Gebai schonn op d'Joer 1993 zrëck.

Den Escher Schäfferot huet als Site d'Norbert-Metz-Plaz virgeschloen, déi an der Achs vum Stadhaus an dem Technoport Schlassgoart läit. De Site ass och vun deenen, déi dodra schaffe wäerten, aprouvéiert. No ville Virbereedungsréunioune gouf eng Machbarkeetsstudié am Joer 2001 erstellt. Doropshin huet den Escher Gemengerot e PAP, e Plan d'aménagement particulier, deen dem virleiende Projet ugepasst ginn ass, gestëmmt.

Wéi gesäit deen neie Bauprojet dann elo aus?

Urbanistesches gesi reit de Projet sech téschent deene méi ale städteschen Infrastruktur vum Stadhaus an der Uelzechtstrooss an deene vun der neier Entwécklung vum Domän vum Schlassgoart am Nordagank vun der Stad Esch an. E besonneschen zousätzleche Virdeel vun deem Site ass, dass en no bei der Gare läit an also och gutt un den öffentlechen Transport wäert ugebonne sinn.

Architekturméisseg dann handelt et sech ëm e gediegene Bau mat enger kubescher Struktur ronderëm en zouenen zentralen Atrium. Doduerch fält vill natierlecht Licht an d'Gebai. Als besonnesch originell ass ervirzehiewen, dass op d'Plaqué vun der Fassad kënnen Extraité vum Code civil oder vun der Mënscherechtscharta ubruecht ginn, déi esou eng besonnesch, dem Gebai ugepassten Ambiance schafen.

Intern ass d'Gebai opgedeelt a Partien, déi der Öffentlechkeet zougängeg sinn, an a Partien, déi hallef oder ganz zou si fir de Public. Um Rez-de-chaussée an um éischte Stack sinn zwee Foyeren, ee Sitzungssall, zwee Audienzsäll, zwou Salles d'attente, zwee Empfangsbüroen, siwe Büroen fir d'Beamten, siwe Réunionszëmmeren an Archive virgesinn. Gliersen Trennwänn erlaben et, deen öffentlechen Deel vun dem Deel vun de Mataarbechter ze trennen.

Um zweeten an um drëtten Stack - déi si ganz zou fir de Public - fanne mer dann zwee Foyeren, jeeeweils 15 Büroen fir d'Friddensrichter a fir d'Greffieren, e Sekretariat, e Konferenzsall, eng Bibliothék an Archiven. Déi néideg technesch Equipementer komme selbstverständlech do nach derbäi.

(Interruption)

Sidd Dir Amateur fir do, Här Gibéryen?

D'Konstruktioun besteet aus Beton armé, deen 90 Minutten engem Feier standhält. Och d'Dallé sinn aus Beton armé, mä déi intern Separatiounswänn sinn aus Gyproc fir e Maximum vu Flexibilitéit vum Gebai ze erméiglechen.

Bei der Planung gouf op e Sous-sol verzicht, wéinst de méigleche Variatioune vum Waasserpegel duerch d'Uelzecht bedéngt.

Zu gudder Lescht ass et derwäert, Dir Dammen an Dir Hären, e Wuert iwwert den Energiekonzept vum Gebai ze verléieren, deen an dësem Fall Pilotcharakter huet. Iwwregens en Effort vun Här Bauteminister, deen duerchaus ze begrëssen ass an deen och vum Statsrot positiv ervirgehuewe gouf.

Déi bausseg Isolatioun verhënnert den Hëtzerloscht duerch eng 18 cm déck speziell Isolatioun vun der Fassad. Och déi lafend Energiekäschte wäerte substanzuell gedréckt ginn duerch d'Notzung vun der natierlecher Ofkillung an der Nuecht, déi adiabatesch Ofkillung vun der frëscher Loft, dat heescht, dass e Killeffekt iwwer eng natierlech Aart a Weis ouni eng käschtenintensiv Klimaanlag wäert erreecht ginn. Och ass d'Installatioun vu Ventilatiounskonvektoren, mat deem niddregen Energieverbrauch kombinéiert, an engem Ofkillungsturm virgesinn.

Wat déi insgesamt weider technesch Detailler ubelaangt, esou verweisen ech lech op den detailléierten Exposé des motifs am Gesetzesprojet.

De Käschtepunkt da vum Bauprojet ass op 14 Milliounen Euro beim Bauindex vum 1. Abrëll 2006 chiffriert. An dësem Präis ass de Käschtepunkt vun engem eventuelle Kaf vum Escher Terrain duerch de Stat net abegraff. Hei lafen am Moment Verhandlungen vun dem Comité d'acquisition vum Finanz-

ëmbauen, dass d'ADEM sech och kann do anstänneg installéieren, an dass dann awer och d'Chômeuren, déi dann dohinner komme fir hir Affären ze maachen, och net méi brauchen op der Strooss ze stoen, dass mer dat dann och méi accueillant maachen, well dann hu mer jo Plaz genuch.

Also, ech géif mengen, et geet elo duer, well wann Dir fäerdeg sidd mat Belval, dann ass keng Plaz méi do. Also, an Esch ass net méi vill Plaz. Macht elo emol e bësse lues. Elo baue mer emol dat, wat mer eis virgeholl hunn, an da plange mer. Kommt mer halen op, well d'Politik ass kee Wunschkonzert. Et kann ee sech alles wënschen, mä awer kommt mer maachen dat emol, wat mer elo geplangt hunn. An da maache mer deen nächste Schrëtt. Well ech fäerte ganz, wa mer eis ëmmer op Belval konzentréieren, da bleiwen déi aner Projeten zu Esch leien. An dat wär dann awer och net gutt.

» M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Dann huet d'Regierung d'Wuert. Den Här Bauteminister Claude Wiseler.

» M. Claude Wiseler, *Ministre des Travaux publics*.- Jo, villmools Merci. Ech wëll och ufänken, andeem ech all deene Leit, bei der Rapportrice ugefaangen, fir

d'Kollaboratioun an dësem Projet Merci soen. Ech mengen, mir si gutt weiderkomm, déi Zäit, déi mer gebraucht hunn, fir hei d'Prozedur ze maachen. Déi puer kleng Méint beweisen, datt de Projet relativ schnell gaangen ass a mer och schnell kënnen op esou Projete schaffen.

Ech hunn hei festgestallt, datt mer eng grouss Unanimitéit op deem Projet hunn, datt allgemeng grouss Zefriddenheet ass iwwert d'Aart a Weis wéi mer hei an der Chamber zesummege schafft hunn, wéi mer mam Schäfferot vun der Gemeng Esch konnten zesummeschaffen. Ech stelle fest, datt déi Kritiken, déi komm sinn, entweder aner Projete concernéieren oder Froe sinn iwwert d'Justizwiesen. Do ass et net u mir ze äntwerten. Ech wëll also och net do-robber agoen.

Ech wëll just soen, datt hei e Projet ass, wou mer, wéi gesot, mat der Gemeng probéiert hunn am Urbanismus, am Kader wéi d'Gemeng ëmfunktionéiert gëtt, wéi déi Plazen do elo nei gestalt ginn, Konzepter ze fannen, déi logesch sinn, déi matenee ginn, datt mer hei probéiert hunn, op eng - an dat ass fir mech wesentlech - rationell Aart a Weis weiderzekommen, e Gebai dohinner-zustellen, wat en einfacht Gebai ass vu senger Funktionalitéit hier, vun der Aart a Weis wéi mer bauen, vun de Materialien, déi mer gebrauchen, déi awer op dat Wesent-lecht oppasst, op d'Fonctionnement no bannen, op d'Architektur, esou wéi se aus-gesäit, an op eng Rei wesentlech Prinzipië wat den Energieverbrauch ass, wou mer,

mengen ech, e Prinzip duerchgesat hunn, deen effikass ass an deen eis och laang-fristeg eppes bréngt.

Also mat einfache Moyenen architek- tonesch eppes Wäertvolles kreéieren: Dat ass dat, wat mer hei fäerdeg bruecht hunn. Elo hoffen ech nach, datt mer nom Vote vun dësem Projet och an der Realitéit schnell zur Ëmsetzung kommen an och esou schnell wéi méiglech d'Diere vun deem Projet hei kënnen opmaachen.

Ech soen lech alleguer Merci.

» M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen zur Ofstëmmung.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5676 ass mat 60 Jo- Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par Mme Martine Stein-Mergen), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Thiel), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par M. Lucien Weiler), Marco Schank (par M. Michel Wolter), Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Romain Schneider), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Henri Grethen), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Emile Calmes), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen);

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn um Enn vun der Sitzung. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtteg um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.41 heures)

SÉANCE 41

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Jos Scheuer, Vice-Président

Ordre du jour

- Communications
- 5496 - Débat d'orientation sur la chasse
(Rapport de la Commission de l'Environnement - Débat - Motion - Vote)
- Question avec débat N°16 de M. Félix Braz relative à l'accord-cadre «câble» - Passage à la télévision numérique pour le 31 janvier 2008
- 5638 - Projet de loi portant approbation de l'Accord OTAN sur la communication, à des fins de défense, d'informations techniques, fait à Bruxelles, le 19 octobre 1970

5650 - Projet de loi portant approbation de l'Accord sur le statut des Forces Armées Danoises, Grecques, Italiennes, Luxembourgeoises, Norvégiennes, Portugaises, Espagnoles et Turques lors d'un séjour temporaire en République fédérale d'Allemagne, ainsi que les Déclara-tions sur la juridiction pénale, signés à Bonn, le 29 avril 1998

(Rapports de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration - Votes et dispenses du second vote constitutionnel)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Lucien Lux et Jean-Louis Schiltz, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)

» M. le Président.- D'Sitzung ass op.

1. Communications

Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1. Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, a déposé au Greffe, en date du 20 juin 2007:

5737 - Projet de loi portant modification de la loi du 5 mai 2006 relative au droit d'asile et à des formes complémentaires de pro-tection.

2. Par lettre du 20 juin 2007 Madame Viviane Loschetter a informé le Président de la Chambre qu'elle désire interpeller le Gou-vernement au sujet de la prostitution au Luxembourg.

Par lettre du même jour Monsieur Jean Huss l'a informé qu'il désire interpeller le Gouver-nement au sujet de sa politique en matière de pollution de l'habitat et de qualité de l'air intérieur.

3. «Nous voulons que soit reconnue la nécessité d'un lieu, d'une assemblée, où les parlementaires nationaux seraient réunis pour discuter des questions de défense et de sécurité. Cela nous paraît indis-pensable.»

Avec cette déclaration lors de son discours d'ouverture, le 4 juin 2007, de la première partie de la 53^e session de l'Assemblée de l'Union de l'Europe occidentale, le Président

de l'Assemblée, M. Jean-Pierre Masseret, a décrit l'objectif des initiatives que l'As-semblée veut voir se concrétiser dans le cadre du débat sur l'avenir de la Constitution européenne. Et de continuer: «Nous voulons faire reconnaître la nécessité d'un lieu inter-parlementaire consacrant ses travaux, sa recherche, ses débats aux questions de défense et de sécurité dans l'espace et aux frontières de l'Union européenne.»

Le Président a estimé que l'essentiel est de faire la démonstration d'un besoin, celui d'un contrôle démocratique qui, au-delà du Parlement européen, associerait les parle-mentaires nationaux et qu'il «paraît néces-saire d'avoir un cadre juridique de coop-ération renforcé, structuré, qui permette aux acteurs, ou aux États qui le souhaiteraient, d'aller plus loin dans le domaine de la défense».

Après ces mots, le Président a passé en revue les principaux thèmes à l'ordre du jour de la susdite première partie de la 53^e session de l'Assemblée de l'Union de l'E-u-rope occidentale qui a eu lieu à Paris du 4 au 6 juin 2007. Le Luxembourg y a été représenté par le Président de la délégation, Monsieur le Député Marcel Glesener, Madame la Députée Lydie Err et Monsieur le Député Charles Goerens, Membres effectifs, ainsi que par Monsieur le Député Norbert Hauptert, Membre suppléant, les Députés Madame Anne Brasseur et Monsieur Jean Huss, Membres suppléants, s'étant excusés.

Les principaux thèmes figurant à l'ordre du jour de la susdite session ont été:

- les orientations futures de la PESD - conclusions de la conférence de Berlin - réponse au rapport annuel du Conseil;

- le suivi parlementaire des opérations ex-térieures;

- la sécurité dans le Grand Nord avec le discours de Madame Liv Monica Bargem Stubholt, Secrétaire d'État, Ministère des Affaires étrangères de Norvège;

- les groupements tactiques de l'UE - réponse au rapport annuel du Conseil;

- l'UE et la sécurité dans l'Europe du Sud-Est; avec l'exposé de Monsieur Tim Judah, Analyste spécialiste des Balkans à l'hebdo-madaire britannique «The Economist»;

- les forces terrestres européennes dans les opérations extérieures: personnels et finan-cement;

- stabilité et sécurité de l'Europe: l'enjeu de l'élargissement vu par l'opinion publique;

- les commissions et les procédures de recours dans les organisations coor-données, notamment au sein de l'Union de l'Europe occidentale;

- le rôle des forces européennes dans les missions de l'OTAN en Afghanistan;

- l'Agence européenne de défense: deux ans après;

- le déploiement d'armements dans l'espace - deuxième partie, et

- la défense antimissile - une position commune aux Européens.

En outre, l'assistance a pu suivre au cours de la première séance de lundi:

- le discours de M. Georgi Pirinski, Pré-sident du Parlement bulgare;

- le discours de M. Christian Schmidt, Secrétaire d'État parlementaire, Ministère de la défense de l'Allemagne, représentant la présidence allemande de l'UEO/UE;

- le discours de M. Teodor Meleşcanu, Ministre de la défense de la Roumanie et

- le discours de M. Manuel Lobo Antunes, Secrétaire d'État aux affaires européennes du Portugal, représentant la présidence entrante de l'UEO/UE.

L'Assemblée a adopté lors des cinq séances de cette première partie de sa 53^e session une résolution et onze recomman-dations au Conseil.

4. Par lettre du 18 juin 2007 le secrétaire gé-néral du Parlement européen a fait parvenir au Président de la Chambre les documents adoptés par le Parlement européen au cours de sa période de session du 21 au 24 mai 2007:

- position sur la proposition de règlement du Conseil relatif à la conclusion de l'accord entre la Communauté européenne et le Gouvernement de la Fédération de Russie sur la coopération dans le secteur de la pêche et la préservation des ressources marines vivantes en mer Baltique;

- résolution sur le thème «Enrayer la dimi-nution de la biodiversité à l'horizon 2010 et au-delà»;

- résolution sur l'Europe mondialisée: aspects extérieurs de la compétitivité;

- position sur la proposition de décision du Conseil relative à la conclusion d'un deuxième protocole additionnel à l'accord de partenariat économique, de coordination politique et de coopération entre la Commu-nauté européenne et ses États membres, d'une part, et les États-Unis mexicains,